PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

An Däitschland ass een Gespréich vun Membere vum Militär iwwert Taurus-Rackéiten vu Russland ofgelauschtert ginn. Laut ZDF-Informatiounen huet d'Gespréich wierklech stattfonnt.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Gräift d'Lëtzebuerger Arméi fir intern Kommunikatioun op Web-Konferenzen zréck?
2. Gräift d'Lëtzebuerg Arméi fir Kommunikatioune mat externe Partner op Web-Konferenzen zréck?
3. Ginn Messenger-Déngschter wéi Whatsapp oder de Messenger vu Meta fir d'Kommunikatioun tëscht de Membere vun der Arméi genotzt? Wa jo, gesäit d'Regierung hei kee Sécherheetsrisiko?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten